N°544
Entrée le 26.04.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Digitalisation

**Äntwert vun der Ministesch fir Digitaliséierung a vum Premierminister op d'parlamentaresch Fro n° 544 vum 28. Mäerz 2024 vum Här Deputéierte Ben Polidori a vum Här Deputéierte Sven Clement.**

Lëtzebuerg ass haut gutt opgestallt fir massiv DDoS Attacke géint kritesch Infrastrukturen ofzewieren. D'Defense Kapazitéiten an d'Technike mussen natierlech stänneg un d'Situatioun vun der Menace ugepasst ginn. De CTIE huet, wéi och an der Äntwert op d'Fro n° 522 erwäänt, verschidde Protektiounsmechanismen en place fir DDOS-Attacken op d'Systemer vum Staat ofzewieren.

Als Reaktioun op déi weltwäit ëmmer weider zouhuelend Menace vu gréisseren DDoS Attacken, huet déi viregt Regierung 2018 decidéiert een nationalen DDoS Scrubbing Center ze schafen an deen ass och säit Enn 2020 voll operationnell.

Den DDoS Scrubbing Center ass e Krisegestiounsinstrument deen am "Plan d'Intervention d'Urgence Cyber" (PIU Cyber) definéiert ass an et erlaabt massiv volumetresch DDoS Attacke géint kritesch Infrastrukturen an aner kritesch Entitéiten ofzewieren. Am Optrag vun der Regierung bedreift LU-CIX GIE an Zesummenaarbecht mat Restena operativ den nationalen DDoS Scrubbing Center. Dës Missioun baséiert op Konventioune mam HCPN fir de Finanzement vun der Infrastruktur a mam Wirtschaftsministère fir de Finanzement vun der Exploitatioun vum DDoS Scrubbing Center.

Et ass virgesinn dass di verschidden Entitéiten an éischter Linn ugehale sinn, selwer Protektiounsmoossnamen ze ergräife fir sech géint DDoS Attacken ze schützen an nëmmen am Fall wou dës Moossnamen net gräife géifen an et doduerch zu massiven Impakter um nationalen Niveau komme kéint, kann, esou wéi am PIU Cyber definéiert, den DDoS Scrubbing Center aktivéiert ginn.

Vu dass et verschidden Arte vun DDOS-Attacke ginn, mussen d'Mechanismen, wéi virdrun erwäänt, un déi jeeweileg Attack ugepasst ginn, fir se kënnen erfollegräich ofzewieren. Dat war och de Fall den 21. Mäerz a wärend dëser Zäit waren d'Websiten zäitweis net accessibel.

Am Kader vun der geplangter Modernisatioun ass virgesinn d'Ofwierkapazitéiten vum DDoS Scrubbing Center weider ze erhéijen a kontinuéierlech un déi néi DDoS Attack Methoden unzepassen.

Lëtzebuerg, den 26/04/2024.

D'Ministesch fir Digitalisierung

(s.) Stéphanie Obertin